N° 7191
Entrée le 16.11.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.11.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/11/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

De CCT SAS Kollektivvertrag tëscht der COPAS, der Fédération des Acteurs du Secteur Social au Luxembourg, dem Daachverband vun de Lëtzebuerger Jugendstrukturen an dem OGBL a LCGB leet d'Reegele fir d'Salariéen am Santéssekteur fest. Esou muss laut Kollektivvertrag eng Persoun mat engem Diplom als Auxiliaire de vie ënnert enger C3 Karriär agestallt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen, déi eng Ausbildung als Auxiliaire de vie gemaach hunn, sinn nach an der selwechter Karriär wéi d'Aides socio-familiales?
2. Sinn all d'Detenteure vun engem Diplom als Auxiliaire de vie an enger C3 Karriär? Och déi, déi tëschenzäitlech eng Plaz als Aide socio-familiale ugeholl haten?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten